

AHA stellt Froen iwwert ënnert anerem de Finanzement vun där Visitt



Dës Woch kënn de Poopst op Lëtzebuerg. En Donneschdeg ass de Kapp vun der kathoulescher Kierch op offizieller Visitt am Land. Dat gefält net jidderengem.

AHA, d'Allianz vun Humanisten, Atheisten an Agnostiker stellt an engem Schreiwes um Sonndeg den Owend e puer Froen. Notamment iwwert de Finanzement vun deem Ganzen a wéi wäit Steiergelder fir déi ganz Organisatioun involvéiert sinn.

Et gött sech och gefrot a wéi wäit de Grand-Duc, deen de Pontifex jo invitéiert huet, sech a senger Funktioun als Staatschef, reliéis-neutral misst verhalen.

AHA rappelléiert an hirem Schreiwes, dass hiren Zuelen no, eng Majoritéit vun de Bierger am Land sech nämlech als "net reliéis" géif bezeechnen.